N°1900
Entrée le 06.02.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 06.02.2025
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, de 5. Februar 2024

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister weiderzeleeden:

„Wann eng Koppel zesummen ee Logement keeft, ënnerläit dës Transaktioun normalerweis Enregistrementskäschten vun 7%, aktuell reduzéiert op 3,5% bis Enn Juni 2025. Am Fall vun enger Trennung, wou ee Partner dem aneren seng 50% vum Logement ofkeeft, muss den Acquéreur erëm Enregistrement op dës Quote-Part bezuelen.

An deem Kader wollt ech dem Här Finanzminister follgend Fro stellen:

- Ass de Minister gewëllt an dësem Fall eng Ausnam oder eng Erliichterung virzegesinn, fir d'finanziell Belaaschtung vun de betraffene Persounen ze reduzéieren, déi sech dacks schonn an enger schwéierer finanzieller Situatioun befannen?“

Mat déiwem Respekt,

Corinne CAHEN
Deputéiert

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu